N° 7634
Entrée le 21.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.02.2023

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2023

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend esou wéi fir Héichschoul weiderzeleeden.

Spéitstens séit dem Rapport "Lair" vun 2019 besteet keen Zweiwel méi, datt Lëtzebuerg e Manktem u Fleegepersonal huet. Dofir ass et wichteg jonk Léit, déi motivéiert si fir dës Beruffer ze ergräifen, aktiv ze begleeden an op Ursaachen anzewierken, déi zum Ausscheeden aus hirer Ausbildung féieren.

Ech géif an deem Sënn gäre vum Här Minister wëssen:

- Wéi vill jonk Léit hunn an deene lëschte 5 Joer eng Formatioun am Bräich vun der Fleeg – wéi Aide-soignant, Infirmier oder Infirmier spécialisé – ugefaangen? Wéi vill hunn d'Formatioun ofgeschloss?
- Wéi vill Léit kruten d'lescht Joer een Noexamen?
- Wéi vill Léit hunn d'lescht Joer den Examen, respektiv den Noexamen net gepackt?
- Wéi vill Zäit vergeet generell tëschent dem Verschécke vun de Resultater an den Noexamen?
- Wéi vill Léit sinn opgrond vun ongenügende Leeschtungen an de Sproochen ausgescheet?
- A wéi enge Formatiounen gëtt et déi gréisste Mësserfollegsquote?
- Wat ass ënnerholl ginn, fir Kandidaten, déi aus dësen Ausbildungsweeër ausgescheet sinn, ze recuperéieren?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu